

## Evangelium (Joh 2,1-11)

- G. *Den Här sief mat iech all.*  
A. *An och mat lech.*  
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*  
A. *Dir all Éier, Här.*

- <sup>1</sup> Zu Kana a Galiläa war eng Hochzäit,  
an dem Jesus seng Mamm war drop.  
<sup>2</sup> Och de Jesus an seng Jünger waren op d'Hochzäit geruff ginn.  
  
<sup>3</sup> Wéi kee Wäi méi do war,  
sot dem Jesus seng Mamm zu him: "Si hu kee Wäi méi!"  
<sup>4</sup> Du sot de Jesus zu hir: "Wat hunn ech mat dir ze doen, Fra?  
Meng Stonn ass nach net komm."  
<sup>5</sup> Seng Mamm sot zu den Dénger:  
"Maacht dat, wat hien iech seet!"  
  
<sup>6</sup> Et stounge sechs stenge Waasserkréi do,  
wéi d'Judden se fir hir [rituell] Rengegunge geholl hunn.  
A jidder Krou goungen zwou bis dräi Metreten<sup>i</sup>.  
<sup>7</sup> De Jesus sot zu den Dénger: "Féllt d'Kréi mat Waasser!"  
Dunn hunn si se bis uewenhi geféllt.  
<sup>8</sup> Dueropshi sot de Jesus zu hinnen: "Schäfft elo eraus  
an drot deem et, deen sech ém d'lessen an d'Gedréngs këmmert!"  
Dat hunn si gemaach.  
  
<sup>9</sup> Nodeems de Mann, dee fir d'Gedréngs zoustänneg war,  
d'Waasser geschmaacht hat, dat Wäi gi war  
– hie wousst net, wou de Wäin hierkoum,  
ma d'Dénger, déi d'Waasser geschäfft haten, woussten et –,  
huet hien de Bräitchemann geruff  
<sup>10</sup> an zu him gesot: "All Mënsch setzt fir d'éischt dee gudde Wäin dohinner,  
an eréischt herno, wann d'Leit es völlege gedronk hunn,  
dee manner gudden.  
Du awer hues dee gudde Wäi bis elo versuergt!"  
  
<sup>11</sup> Dat hei huet de Jesus zu Kana a Galiläa gemaach  
als Ufank vun sengen Zeechen.

Esou huet hien seng Herrlechkeet gewisen,  
an seng Jünger hunn un hie gegleift.

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*  
A. *Dech, Christus, luewe mir.*

---

<sup>i</sup> Eng Metret sinn ca. 40 Liter.